ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N°4057

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

De "Rat für deutsche Rechtschreibung" huet an enger Pressematdeelung vum 26.3.2021 bekräftegt, datt hie sech aktuell net derfir ausschwätze kéint, fir verkierzt Kennzeechnungsforme vu Méigeschlechtlechkeet (z.B. den "Gender-Gap" oder den "Gender-Stär") an dat "Amtliche Regelwerk der deutschen Rechtschreibung" opzehuelen. Trotzdeem ginn dës typografesch Zeechen an eiser Gesellschaft ëmmer méi a vereenzelte Kreesser benotzt.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Lëtzebuerg ass Member mat engem Sëtz am "Rat für deutsche Rechtschreibung", huet do awer kee Stëmmrecht. Kann den Här Minster erklären, firwat dat sou ass? Kéint een d'Stëmmrecht an dësem Gremium net als politescht Zil festhalen?
2) Wéi eng Meenung vertrëtt de Lëtzebuerger Vertrieder an dësem Gremium zum Thema "gendergerecht Sprooch"?
3) Gëtt de Lëtzebuerger Vertrieder am "Rat für deutsche Rechtschreibung" vun der Regierung ernannt? No wat fir enge Critèrë gëtt hien ausgewielt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4057 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1)**

Et ass op de Virschlag hi vum "Rat für deutsche Rechtschreibung" zeréckzeféieren, datt Lëtzebuerg ee Vertrieder nennt, an dësen de Statut vum Observateur huet. Den Ament ginn et keng Iwwerleeungen, fir dorunner eppes ze änneren. Eist Land huet als Observateur an deem Rot d'Méiglechkeet, d'Diskussiounen iwwer d'Entwécklung vun der Rechtschreibung an der däitscher Sprooch, déi wéi gewosst Unterrechtssprooch an der ëffentlecher Grondschoul ass, enk mat ze suivéieren.

Am Géigesaz zu deenen anere Memberen ass zu Lëtzebuerg Däitsch eng vun den dräi offizielle Sproochen um selwechten Territoire. Am däitschsproochegen Deel vun der Schwäiz oder an der däitschsproocheger Gemeinschaft vun der Belsch ass déi däitsch Sprooch op engem kloer definéierten Territoire déi offiziell Landessprooch.

**Ad 2)**

De Lëtzebuerger Vertrieder huet an dësem Gremium zum Theema "gendergerecht Sprooch" keng Meenung geäussert, konnt awer als Observateur déi verschidden Argumenter a jeeweileg Positiounen zur Kenntnis huelen.

**Ad 3)**

De Lëtzebuerger Vertrieder gëtt vum Educatiounsminister ernannt an aktuell gëtt eist Land duerch den Direkter vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS) an deem Gremium vertrueden. Dee Choix ass notamment doduerch ze erklären, datt et dem ZLS erlaabt, en Abléck an déi grouss Sproocheschantercher vum Däitschen an de verschiddenen däitschsproochege Länner a Regiounen ze kréien, an et ass eng Hëllef beim Vernetze mat anere Sproochwëssenschaftler. De Vertrieder mécht selbstverständlech de Lien zu den aneren Acteuren an der Lëtzebuerger Educatioun a setzt dës iwwer Ännerungen oder soss Entwécklungen a Kenntnis.